

RTL Radio 05/01/2022 12h50

## Titre

**D'Initiative « Nouveau Bauhaus Européen » mat Liewe fëllen**

## Annonce

**Kommt mir huelen d'Politik beim Wuert, an mir iwerraschen ons selwer am neie Joër:**

**Engagéieren mir ons all fir dës gutt a wichteg Deklaratioun mat Liewen ze fëllen.**

Vum **Pierre HURT**, directeur de l'Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils  
**(oai.lu)**

## Texte

**D'Initiative « Nouveau Bauhaus Européen » mat Liewe fëllen**

Den 30. November 2021 hunn d'EU-Kulturminister d'Konklusiounen <sup>(1)</sup> zu Kultur, Qualitéitsarchitektur an nohaltegen Liewensraum als Schlësselelementer vum neien Europäesche Bauhaus adoptéiert.

Hei eng Zitatioun:

**„D'Architektur an eis gebauten Ëmwelt sinn Ausdrock vun der Kultur, der Liewensweis an de Wäerter vun der Vergaangenheet an der Géigenwaart. Sie bilden d'Grondlag fir eist kulturellt lerwe vun muer an droen dozou bäi, eis Gesellschaften an Identitéiten ze prägen.“**

Den OAI begréisst dës wonnerbar Deklaratioun.

Et ass en Opruff fir eng ganzheetlech, inklusiv, interdisziplinär, qualitativ héichwäerteg an laangfristeg Visioun vun eiser Baukultur an eisem Zesummeliewen.

Mais vill ze oft gi mir leider gléckséilegen an ze abstrakten Theorien no, amplaz méi staark vernetzt a kontextuell ze handelen, an virun allem d'Verhale vun de Bierger um Terrain mat anzebannen.

Eis intellektuell Trägheet an eisen Mangel u Virwëtz loosse ons ze oft gleewe, dass d'Veereinfachung vun den Realitéiten, d'Ausblende vum méichlege Chaos, souwéi eis algorithmesch Modeller, d'Allheelmëttel fir eisen Alldag kënnete sinn.

**Et ass onbegräiflech firwat mir, no all deene Krisen, nach ëmmer gleewe, dass en iwwerdriwwene Wettbewerb besser wier, wéi eng reell a fair Zesummenaarbecht an dat op allen Echellen, zomol an den vitale Beräicher.**

D'Komplexitéit an déi staark exponentiell Auswierkunge vun de Phenomener erfuerderen eng wäitsiichteg Aarbecht um Terrain, a besonnesch keng virtuell Fluchtwelten.

**Dofir brauchen mir méi Fräiraum a méi Qualitéits- a Stabilitéitsreserve fir eng richteg robust Gesellschaft, déi manner verletzlech ass.**

Des EU-Deklaratioun geet an déi gutt Richtung a viséiert gött eng qualitativ héichwäerteg Architektur an a resilienten Cadre de Vie fir eis all.

Den europäeschen Conseil hält och fest: D'Architekten, d'Ingenieuren a Urbanisten spillen eng zentral Roll an allen Phasen vun der Entwécklung vun engem qualitativen Liewensraum. Sie leschten e wesentleche Beitrag zum Allgemengwuel, andeem si der territorialer Diversitéit an den Bedierfnisser vun der Zivilgesellschaft Rechnung droen.

**Kommt mir huelen d'Politik beim Wuert an mir iwwerraschen ons selwer am neie Joer:**

**Engagéieren mir ons all fir des gutt a wichteg Deklaratioun mat Liewen ze fëllen.**

**Pierre HURT**

<sup>(1)</sup> <https://data.consilium.europa.eu/doc/document/ST-14534-2021-INIT/fr/pdf>